LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°2898 vum 18. September 2025 vum éierbaren Deputéiert Sven Clement betreffend d'"Publicité de la SNHBM sur une radio belge"**

Kloerstellung vum Kontext vun dëser Publicitéitscampagne:

Déi betreffend Campagne war dem Projet *Elmen* gewidmet. *Elmen* ass en neit Duerf dat am Bau ass zu Olm, an der Gemeng Kielen, no bei der belsch-lëtzebuergescher Grenz. Fir eng breet Visibilitéit wärend der Porte ouverte ze garantéieren an d'Zilgruppen z'erreechen, goufen e puer Kommunikatiounskanäl benotzt.

- Invitatioune goufen un déi Leit geschéckt déi bei der SNHBM ageschriwwen si fir eng Wunneng an dëser Géigend ze kafen;
- Geziilt digital Campagnen;
- Radiospots a verschiddene Sproochen op verschiddenen Radiosender.

Dës "Journée Portes Ouvertes", déi als Zil hat, d'urbanistescht Konzept vun *Elmen* duerch guidéiert Visitten ze erklären, an déi verschidden Zorte vun Eefamilljenhaiser ze presentéieren, huet e Samschdeg, de 17. Mee 2025, stattfonnt a war e grousse Succès.

1. **An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°2344 schreift de Minister: "Déi ausgewielte Kommunikatiounskanäler baséieren op der direkter geographescher Noperschaft, nämlech der Belsch, déi e bedeitende Prozentsatz vu Grenzgänger huet". Gläichzäiteg schreift de Minister, dass zu der Zilgrupp vun der Reklamm "Awunner vu Lëtzebuerg, mä och Grenzgänger, déi zu Lëtzebuerg schaffen, oder fréier lëtzebuerger Awunner géife gehéieren.**

   **Ass de Minister net der Meenung, dass et trotz der geografescher Noperschaft zu der Belsch eigentlech inkohärent ass, fir dës Reklamm just op engem belsche Radiosender schalten ze loossen, wa spezifesch och fréier Lëtzebuerger Awunner zur Zilgrupp gehéieren? Dëst och virun Hannergrond, dass all Joer vill Lëtzebuerger a Frankräich oder an Däitschland plënnere, well se hei keng bezuelbar Wunneng fannen.**

Déi ausgewielte Kommunikatiounsstrategie ass eng Entscheedung vun der SNHBM, déi konform zur aktueller Gesetzgebung ass.

Am Kader vun der Porte Ouverte wollt d'SNHBM d'Evenement op eng Manéier promoten, déi e breede Publikum erreecht.

Dofir huet SNHBM entscheet Radiospots op verschidde Sproochen ze produzéieren, baséiert op geziilte Profiller:

- Zu Lëtzebuerg
  - E Radiospot op Lëtzebuergesch, op RTL Radio Lëtzebuerg;
  - E Radiospot op Franséisch, op l'essentiel Radio
  - E Radiospot op Englesch, op Today Radio Luxembourg

- Belsch Radiosender, déi am Grenzgebitt aktiv sinn
    - E Radiospot op Franséisch, op Vivacité/Classic 21

Déi ausgewielte Kommunikatiounskanäler baséieren op der direkter geographescher Noperschaft, nämlech der Belsch, wou e bedeitende Prozentsaz vu Grenzgänger lieft. Dës Entscheedung hat zum Zil, e maximum Grenzgänger ze erreechen, déi potenziell un enger Wunneng an der Géigend vun hirer Aarbechtsplaz interesséiert sinn.

Et ass entscheet ginn, , d'Kommunikatioun op d'belsch Grenzbevëlkerung ze konzentréieren  well *Elmen* nëmme fënnef Minutte vun der belscher Grenz ewech läit a vill méi wäit vun der franséischer an däitscher Grenz.

Dës Grenzbevëlkerung stellt eng pertinent Zilgrupp fir d'Promotioun vum Projet duer.

Dës Campagne vun der SNHBM entsprécht voll a ganz hirer Missioun als ëffentleche Promoteur an erlaabt ënnert anerem, duerch hir Kommunikatioun a verschidde Sproochen :

- Ze garantéieren dass d'Informatioun iwwert d'Projete vu bezuelbare Wunnengen zu Lëtzebuerg de berechtegte Stéit zur Verfügung gestallt gëtt ;
- D'Awunner vum Land esou wéi och Persounen, déi all Dag zu Lëtzebuerg schaffen, inklusiv déi, déi sech an der Grenzregioun niddergelooss hunn, z'informéieren, fir hinnen esou d'Méiglechkeet ze ginn, erëm zu Lëtzebuerg ze wunnen.

Et ass essentiel, all deene Persounen, déi legitim a laut Gesetz eligibel si fir eng abordabel Wunneng an/oder Wunneng zu engem moderate Präis, den Zougang zu den Informatiounen iwwer déi aktuell bezuelbar Bauprojeten ze erméiglechen.

**2. Huet de Minister Zuelen doriwwer, wéi vill vun de bis elo am Kader vum Projet Elmen verkaaften Immobilien u Lëtzebuerger Residenten, wéi vill u Residenten aus dem Ausland respektiv u fréier Lëtzebuerger Awunner verkaaft gi sinn? Dëst ebe besonnesch och virum Hannergrond, dass mat den aktuelle Reklamme jo och fréier Lëtzebuerger Awunner sollen ugeschwat ginn.**

Et gi keng Statistike, déi d'Proportioun vun de Residenten aus dem Ausland respektiv u fréier lëtzebuergesche Bierger oplëscht, déi eng Wunneng zu *Elmen* kaf hunn.

Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2025

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch